

Léif Schülerinnen a Schüler,

Léif Elteren,

Eis Regierung huet beschloss, dass ab dem 29. Juni 2020 d'Andeelung an A- / B-Wochen opgehuewe gëtt, an dass deementspreechend d'Schüler ab dem Datum nees all Woch an d'Schoul ginn.

Ech hat eng Dérogatioun fir eise Lycée ugefrot, well ech et net sënnvoll fanne fir déi lescht 2 Schoulwochen d'Organisatioun nach emol ze änneren a virun allem och, well ech mer Suergen ëm d'Gesondheet vun eise Schüler an eisem Personal maachen, wann elo erëm d'Schoul mat de ganze Klasse leeft an den Ofstand vun 2m an de Klassesäll a ville Fäll net agehale ka ginn.

De Minister Meisch sot geschter awer, dass déi nei Reegelung och fir den LTA zielt, müssen dann och am Lycée Technique Agricole ab dem Méindeg 29. Juni 2020, d'Schüler nees all Woch „normal“ an d'Schoul kommen.

De Stonneplang soll prinzipiell sou bleiwe wéi en zanter dem 11. Mee ass, allerdéngs hu mer a verschiddene Fäll misse liicht Upassung maachen.

Den ugepasste Stonneplang gëtt iwwert de Weekend (soubal e fäerdeg ass) am Webuntis publizéiert. Ech bidden iech dofir am Webuntis ze kucken, fir ze kontrolléieren op et beim Stonneplang vun ärer Klass / vun ärem Kand senger Klass zu Ännerunge komm ass.

All aner sanitär Mesuren déi mer am Kader vun der Reprise ab dem 11. Mee agefouert hunn, an déi mer iech per Bréif matgedeelt haten, bleiwe bestoen.

Speziell erënnere wëll ech hei u folgend Punkten:

- Just am Klassesäll wann een a senger Bänk sëtzt, däerf de Mundschutz ausgedoe ginn, falls den Enseignant dat erlaabt. Wann den Enseignant seet, dass de Mundschutz a sengem Cours och während der Stonn ugehale muss ginn, dann ass jidderee verpflichtet dat ze maachen.
- Ausserhalb vum Klassesäll ass de Mundschutz nach ëmmer Pflicht am Gebai vum LTA.
- Ausserhalb vum Schoulgebai ass de Mundschutz och nach ëmmer Pflicht wann den Ofstand vun 2m net agehale ka ginn.
- Et gëllt och nach ëmmer regelméisseg d'Hänn ze wäschen oder ze desinfizéieren.
- Et soll en an den Ielebou houschten oder néitschen.
- Benotzten Nuesschnappecher müssen an eng Poubelle mat Deckel gehäit ginn.

- Am Gebai ass och nach ëmmer, do wou et méiglech ass, eng circulation à sens unique, d.h. d'Markéierungen um Buedem sinn nach ëmmer gülteg.

Ech wënschen iech all eng gutt Gesondheet a passt op iech an op déi aner op.

Tom Delles
Direkter vum LTA